Précoce Kietscht

Rentrée 2022/2023

Léif Eltren,

Mir invitéieren iech heimadder haerzlech op eis Eltrenversammlung, déi den 11ten Juli 2021 stattfënnt.

Mir maan d'Versammlung eemol an lëtzebuergescher Sprooch (19 :00 Auer) an eemol an franséischer Sprooch (20:00 Auer).

Meld lech w.e.g. bis den 01.07. 2021(16 :00 Auer) bei eis um Telefonsnummer 23 64 19 – 36.

Um Programm vun dësem Owend stinn :

- Mir stellen eis vir.
- Mir erklären wat är Kanner bei eis léieren.
- Mir ginn kuerz drop an wat eis wichteg ass.
- E Moment wou dir känt är Froen stellen.

Mir bidden lech en **« Schnupper-Moien »** den **14 ten September** vun 08 :00-10 :00 Auer. Sou känt dir zesummen mat ärem Kand an aller Rouh dat neit Emfeld entdecken.

Meld lech w.e.g. un bis den 01.07. 2021(16 :00 Auer) bei eis um Telefonsnummer 23 64 19 – 36.

Mir stinn lech den ganzen Owend an och während dem « Schnupper-Moien » iwwer fir weider Froen zur Verfügung.

Bauer Danièle & Rodenbour Francine



Materiallëscht :

Et wär léif wann der fir den « Schnupper-Moien » kéint w.e.g. folgend Saachen matbréngen :

- *Fir all Daag*

E klengen Rucksack (ouni Rullen) :

- Eng Zerwéit ;
- Eng Schmier (mueres) an e Stéck Uebs oder een Yoghurt (fir mëttes);
- Eng Drénkfläsch, déi mir an der Schoul mat Waasser fëllen;
- E Paak Nuesschnappecher.

Mir leen vill Wert op eng gesond Ernährung. Verzicht dowéinst w.e.g. op gezéckert Gedrénks (Capri Sonne, Actimel), Milchschnitte oder ähnlich Saachen (Kichelcher ; Schokola). Fir manner Offall ze produzéieren, benotzen mer eng Drénkfläsch, déi der all Freideg mat heem kritt fir ze spullen.

- *« Schoulmaterial »* :

- E décken waïssen classeur (format A4) ;
- 6 Trennblieder/intercalaires (déi dir direkt kënt an den classeur maan) ;
- 100 Pochettes perforées /durchsichteg chemisen
- Dräiecksfaarwen ;
- Tuschbicen (Staedtler 340) ;
- 3 déck Pritten ;
- Zwou Këschten Kleenex (Kosmetiktücher) ;
- Eng Akaafstuut ;
- **4 Passphotoen** ;
- E Molbuch ;
- Wiesselkleeder, déi op der Plaaz bleiwen an
- an eng durchsichteg Këscht (28x39cm) fir d'Wiesselkleeder dran ze maan.

- Turngezei (**alles mat Numm drop**) :

- Turnschlappen (déi an der Schoul bleiwen an och als Schlappen benotzt ginn).
- Een Jogging (deen op der Plaaz bleiwt).

- Schwammgezei (**alles mat Numm drop**) :

- Eng Schwammbox oder e Maillot (nët doheem undoen) ;
- Eng Schwammkaap ;
- Douchegel ;
- E Buedduch ;
- Eng Kemmbischt (an e Lastik fir an d'Hoer).

- *« Waldkindergarten » :*

Mir bieden Iech ärt Kand wann mir an de Bësch ginn(an och soss) dem Wieder entspriechend unzedoen.

- Bei kaalem Wieder : Zwiebellook (e puer Couchen iweert enaner) ;
- E Buff (keen Schal) ;
- Bei Reen : Bullisbox an Reenjackett.
- Am Summer : eng Kaap an eng laang Box (wéinst den Zecken) ;
- Fest Schung an keng Sandalen.
- Gezei wat daerf knaschteg ginn.
- E Sëtzkëssen ;
- E Karabiner fir d'Sëtzkëssen um Rucksaak festzemaan.
- Am Summer sinn Sonnencrème an eng Kaap ganz wichteg !

Ärt Kand daerf Bicher oder soss Saachen mat an d'Schoul bréngen déi mam Thema ze dinn hunn iwwert dat mer grad schwätzen.

Bréngt **keng Spillsaachen mat an d'Schoul** fir dat se nët verluer ginn !!!

Op ären Wonsch hin, feieren mer dem Kand säin Gebuertsdaag. Sot eis am beschten e puer Deeg am viraus bescheed. Dir daerft gär en drechenen Kuch matbréngen.

Den 11ten Juli um 19 :00 Auer ass eis Informationsversammlung.

Mir wënschen iech eng flott Summervakanz
an freen eis op den 15ten September.

Bauer Danièle & Rodenbour Francine